

AKZEPTANZ?

A wat ass dat dann? Alt erëm deer Wieder eent, bei deem een net richtig weess, wat ee soll domat ufänken. Ass dat iwerhaapt Lëtzebuergesch? Gewëss. Well eiser Sprooch ass genee datselwecht erlaabt ewéi dem Däitschen, dem Franséischen, dem Engleschen asw., wou mir *akzeptieren* – *accepter* – *accept* als Verb fannen... well déi jo och mat engem Fouss am Latäin stinn... grad ewéi d'Lëtzebuergesch! Jo! A mir brauchen äis kee Fatz dofir ze genéieren oder esouguer ze entschëllegen. Mir kënnen ouni ze féischtere vun **Akzeptanz an akzeptéiere** schwätzen, ouni eis kleng Sprooch missen opzeblosen.

vum Lex Roth



(PHOTO: TEDDY JAANS)

Akzeptéieren heescht nun emol «eppes unhuelen, mat eppes averstane sinn»; d'*Akzeptanz* vun eppes ass deemno en «Unhuelen»... hei an eisem Fall d'*Akzeptanz* vun eiser Sprooch, dem Lëtzebuergesch. Haut kënnen mir z. B. roueg behaupten, datt eis Sprooch eng vill méi grouss *Akzeptanz* huet, wéi nach vrun 30 Joer. Si gëtt, ee Gléck! **net méi als iergend eng folkloristescht 'Stoussnéckelerei' gekuckt** a behandelt. Esouguer eng Actioun ewéi eis gëtt elo dofir vill méi respektéiert... et freet ower knapps ee sech, wéi et dozou komm ass.

Gelungenerweis schéngt dat deenen zimlech egal ze sinn, déi sech, mat der spatzer Nues an der Luucht, nëmmen em dee sougenannten 'Ist-Zustand' bekëmmen... dat ass natierlech vill méi einfach, well et brauch een net laang glannen ze goen an aner 'Kniewwelerien' ze iwwerleeën. Leider ginn ower bei deem 'wëssenschaftlechen' Äifer och Behauptungen opgestallt, déi hanne falsch a vir net richtig sinn... dofir wäert an nächster Zäit eng Aarbecht entstoen a publizéiert ginn, déi ouni Kniet a Wurrel **objektiv Klorheet 'vom War- Werde- bis zum Ist-Zustand'** schafft.

D'*Akzeptanz* vun eiser Sprooch 'bei de Leit' huet hire Fong nëmmen zu engem klengen Deel an der Literatur. Well loosst mir äis näischt virmaachen: Wéivill Prozent vun 'de Leit' liesen da Bicher oder intresséieren sech fir Gedichter? Schued, mä wouer. Eis 'Feldaarbecht' huet dee gudder Buedem fir d'Literatur ower ganz bestëmmt mat virbereet, op deem haut Dosende vun Auteuren an Honnerte vu Publikatiounen an eiser Sprooch wuessen a bléien. D'*Akzeptanz* vun Lëtzebuergesch huet praktesch kee Paff mat linguistesche Koplabungzereien ze dinn, mä ganz einfach mat der Wierklechkeet vum gewéinleche Liewen. Mä dat ass net komplizéiert genuch fir op en akademesche Glacis, gell! Egal: d'Haaptsaach ass, wat zugudderlescht eraus komm ass a kënnt.

Am allerflottsten ass et, **wann aus der 'Akzeptanz' eng Selbstverständlechkeet gëtt:** zesoen eng Normalitéit. E puer Beispiller? Haut schéngt et 'normal', datt een eng Familien-annonce op Lëtzebuergesch publizéiert; 'normal' gesi mir elo och déi lëtzebuergesch Uertschaftsnimm an eisem Telephonsbuch; als 'normal' kucke mir e Sprooch- oder Schreif-cours fir d'Lëtzebuergesch, e Menü, eng Plakat, eng Geschäftsreklam an eiser Sprooch... alles 'normal' oder wat?!

Wien an deer ganzer Saach wëllt éierlech bleiwen, dee muss sech emol d'Fro stellen, wéi dat sech dann alles wierklech hat, iert et vun 1971 u 'gedibbert' huet. Hei ass eppes fälleg an néideg, wat een als eng Zort 'Rigurosum' kënnt kucken... also eng ganz stramm Aarbecht, net en dënne 'Puzzle', wou d'Stécker net openee passen; eng Wudder, vrun deer mir de Kapp net an de Sand strecken; vrun deer mir net fortlafen; op déi mir mat Begeeschterung lass ginn!

de Vierdergrond/-gronn?

De Rollengergronn, den Heischergronn, de Birelengergronn... eise Kadaster ass voll deer Grënn. Ower e Vierdergronn, als **Knallfräsch-Iwwersetzung** aus dem houdäitsche Vordergrond, dee brauche mir mengerwäreg net! Do wëllt jo just ee soen, datt eppes virbäi, d'Haaptsaach, dat Wichtigst, dat Éischt war.

Et giff just nach fehlen, datt elo nach ee vum viischte Plang (avant-plan) geng schwätzen, da wier **d'Sproochbëtschel** fett! Wann ech iwwerleeën, wat ech wëll/soll soen, da kommen esou Bokemaul-Iwwersetzungen net op. Da maacht et, w.e.g. ■ M.V.

den Ulass?

Datt emol eppes **d'Ursaach** ass, fir ze fäerten, dat muss net 'Ulass zu Befierchtunge' ginn; eng Ursaach geet nun emol duer, fir datt mir verstinn. Gitt dem Chrëschtkëndchen den 'Ulass' mat an d'Krëpp an herno mat an den Himmel, mir brauche keen Ulass.

Am selwechte Streech hu mir **'den Ulass, engem ze gedenken'** och net néideg, iwregens hu mir et am Däitschen hei mat engem Genitiv (wessen?) an net mat engem Dativ (wem?) ze dinn. Averstan: Et soll heiansdo e bësse feierlech klénken; ower dat Einfachst ass dacks vill méi eescht an éierlech... a feierlech wéi dat erbäigeschäertent Houdäitscht. Mir 'gedenken' ni an néierens, mir denken einfach un een. Wa méiglech ganz léif. ■ H.M.

Ceterum censeo... (16)

Eist Vollek ass souverän. Mir sinn e souveräne Staat, deen sech (bannent dem Kader vun sengen internationalen Obligatiounen) seng eege Gesetzer mécht. Dovun ass eist Basis-Gesetz, d'Constitutioun dat wichtigst, grad ewéi an allen anere 26 Länner vun der EU! **Ass et dann elo och normal oder net, datt een d'Haaptsprooch vun engem Land soll/muss kennen, fir deem seng 'Memberkaart' ze kréien, also d'Nationalitéit.** Ëmfrot iech an Däitschland, a Frankräich, an Italien, Spuenien, Griicheland, Portugal... a kuckt emol, wéi et an den USA ass.

Mir brauchen de Malteser hir penibel Europa-Sprooch-Verbruetheet net; den Irlänner hire Problem ass en historiesch-politeschen; d'Belsch bäissen sech d'Zänn un enger Sprooch-Schank aus. Alles dat huet, ee Gléck, näischt mat eiser Sproochsituatioun ze dinn. Mir brauchen an eiser Constitutioun just déi effektiv Wouerecht: d'Lëtzebuergesch ass d'Sprooch vum Land; d'Franséisch an d'Däitscht hunn eng administrativ Funktioun. Dat ass kuerz, net e sëlliche vill... mä alles! ■ P.W.

Léif Gedanken

Heiansdo begéine mir en däitschen, franséischen, engleschen Text, oder een an enger anerer Sprooch, deen äis einfach net lass léisst, esouguer op d'Gemitt schléit... an da freet een sech, ob dat sech och op Lëtzebuergesch giff soe loosse. Am Restaurant 'Siweburen' ass mir matzen am Menü esou en Text opgefall: *un sourire*. Am Internet hunn ech erausfonnt, datt e vun deem exemplaesch-gudde Mënsch **Raoul Follereau** ass, dem 'Apostel vun de Leprakranken'. Ech mengen, et wier dowäert gewiescht, fir en an eis Sprooch ze setzen... an dat duebel an deem Mount, wou de Fridden an d'Mënscheléif dach himmelhéich uewe solle stoen!

e léift Laachen

(L.R./nom Text 'un sourire' vum Raoul FOLLEREAU)

E léift Laache kascht näischt a bréngt vill.

*Wien et kritt, gëtt méi räich,
wien et gëtt, net méi aarm.*

*Et dauert een Ament,
mä d'Erënnerung ass fir éiweg.*

*Keen ass räich genuch, fir et net ze brauchen,
keen ze aarm, fir et net ze verdéngen.*

*Et schafft Gléck doheem,
hëlleft bei de Geschäften
a fillt sech als Zeeche vu Frëndschaft.*

E léift Laachen ass d'Rou

*fir deen, dee midd ass;
et gëtt deem Courage, dee kee méi huet.*

*Et léisst sech net kafen, net verléinen, net stielen,
well et nëmmen deen Ament e Wert huet,
wou een et schenkt.*

*A wann dir heiansdo e Mënsch begéint,
deem dat léift Laache vergaang ass,
da sidd duebel léif: gitt him ärt.*

*Well et huet keen e léift Laachen esou néideg
wéi deen, dee kengem eent ka ginn...*

e Rapper?

Et geng ee wonneren, wann dir nach näischt vun de 'Rapper' héieren oder gelies hätt. Dat sinn dach déi **«Musekanten un deenen alles geet»**, déi sech op enger Bühn diebelen, wéi wann si eng Träipeverschléppung hätten, hin an hier sprangen, wéi wann eng Bei si gepickt hätt, järe wéi rose Kanner... mä vrun allem mat de Féiss tuppen a knuppen, datt alles wackelt.

Hiren Numm kënnt aus dem Engleschen, an 'to rap' heescht wierklech 'tuppen/knuppen', op däitsch 'stampfen'. Am Goethe senger Sprooch gëtt et kee 'rappen'... ower am Dicks senger hu mir et, an zwar an x Bedeitungen: **un eppes rappen, sech eng rappen, rappen a klappen, e Witz rappen, eppes erofrappen, een ëmrappen asw...** et ass alles, mä net dat, wat et am Englesche wëllt soen. Ëmgedréint klénkt 'rappen' dach fir äis bei deene 'Kënschtler' gelungen, oder? Mä well d'Wuert am Lëtzebuergesch en eegent, e ganz anert Liewe féiert... do hunn d'Fransouse mat hirem liicht lächerleche 'rappeur' et dach méi liicht, gelldir. ■ M.V.

...an si lieft nawell!

Ëm 1950 huet emol ee vun eise wierklech beschte Sproochwëssenschaftler an engem Buch iwwer d'Lëtzebuergesch geschriwwen, eis Sprooch hätt **zënter dem 'Fixspoun' an dem 'Gromperkiewerlek' (ëm 1880) keen anert Wuert méi** gemaach. Dat huet, ee Gléck! net gestëmmt. Mir hu sengerzäit an engem klenge Concours um 'HeiElei', duerch kéipweis Kaarten, déi era komm sinn, bewisen, datt d'Lëtzebuergesch eleng tëscht 1920 an 1980 eng Wull eegen Ausdréck geschaf huet!

Beim Theater gëtt et ëmmer eng ganz wichtig Roll, ower et gesäit een deen Acteur net. Dee sëtzt vir ënnert der Bühn; hien/si ass d'Rettung, wann de Spiller den Text emol ausgeet. Dat war soss ëmmer an deem gelungenen 'Flüsterkasten'. Mir hunn ower kee 'Flüsterer', an e 'Kasten' ass och net an eiser Sprooch. Dat ass eng Këscht, an deer ee pëspert. Wat lung dann do méi no, wéi vun enger **'Pësperkëscht'** ze schwätzen. Dat war et. A mir liesen haut ëmmer méi dacks, datt déi 'Pësperkëscht' eng ganz normal Saach ginn ass. Moie Fixspoun! ■ AL